RTL carte blanche économique du 23.05.2007

(ACA)

D'Associatioun vun der Versecherungsgesellschaften konnt op hierer Generalversammlung vun gëschter erëm eng Erfollegsmeldung verbuchen: de globalen Encaissement vun de Primmen errécht fir d'Joer 2006 de Cap vun 13 Milliarden Euro, dat héscht 19% méi wéi dat Joer virdrun.

Eleng an den leschten 3 Joer ass domat de Primmenvolumen ëm 55% an d'Lût gang, mat de bekannten positiven Implikatiounen op d'lëtzebuerger Economie an op d'Staatsfinanzen.

Dât ass én Aspekt vun der lëtzebuerger Assuranceplatz déi domadder hire Rôle als vollwertegen Acteur vun der lëtzebuerger Finanzwelt definitiv consolidéiert.

Dëse Primmenvolumen gëtt natierlech gréistendeels am Ausland, an zwar hâptsächlech am europäeschen Ausland réaliséiert gemäss de Regelen vum europäeschen Bannemarkt.

Doriwer eraus huet d'Assuranceplatz awer och hir méi traditonnel Aufgab als lëtzbuerger prestataire de services ze spillen:

hei gët zwar mat vill méi bescheidenen Montants operéiert – den nationalen Encaissement beléft sech just op 1 Milliard Euro – mais et därf én awer behâpten datt déi Produits déi hei offréiert gin, bâl alleguer engem réellen gesellschaftlechen an sozialen Besoin entspriechen.

Sou z.B. erlâbt d'Liewensversëcherung den Stierffall ofzesëcheren fir der Famille och beim Doud vun engem Elterendél eng dézent Existenz ze sëcheren.

Déi emgedréihten Hypothèse bestét aus enger Liewensversëcherung déi et méiglech mëcht sëch am Fall vum Iwerliewen vun engem oder dénen 2 Elterendéler iwert eng gewësse Period e Kapital opzebauen.

Déi 2 Versëcherungsmodeller gin dann och steierlech ënnerstëtzt well och de Gesetzgeber vun der sozialer Utilitéit vun dëse Produkten iwerzégt ass.

Datselwecht ass iwregens de Fall bei enger „solde restant dû", also enger Restscholdversëcherung déi den Prêt fir den Kâf vun engem Haus ofsëchert.

Bei den heitegen Terrainspreisser zu Lëtzebuerg ass dëse Produit méi néideg wéi jé, well jo ëmmer méi Leit, ëmmer méi lang mussen zréckbezuehlen.

An dësem Contexte därf én dann och d'Fro stellen op am Dossier „pacte de logement" eng Adaptatioun vum ofsetzbaren Plafong vun dësen Assurancen nët ubruecht wir?

Och an der Nët Liewensversëcherung also an der Sachversëcherung an an der Haftpflichtversëcherung därf én behâpten datt dât alldéglecht Liewen ouni Assurance nët méiglech wir:

en Haus ze kâfen an ze finanzéieren ouni Feierversëcherung ofzeschléissen, mengen ech, géif haut kén sëch méi trauen.

Seng Responsabilitéit selwer ze assuméieren an d'Folgen ze bezuehlen ass an eiser Gesellschaft, déi jo méiglechst ouhni Risiko wëll fonctionnéieren, nët gär gesin oder wéi am Fall vun der Autohaftpflichtversëcherung esouguer strofbar!

Dat ass richteg an néideg well déi Montants déi am Fall vun engem Kierperschued mussen bezuehlt gin ganz oft déi finanziell Kapazitéiten vun engem lëtzebuerger Stoot iwersteigen.

Dat soll och gewosst sin an wann ëmmer erëm Leit soen d'Autohaftpflichtversëcherung wir zu Lëtzebuerg méi deier wéi am Ausland, muss én dénen Recht gin: d'Liewen zu Lëtzebuerg ass nun émol gréisstendéls méi deier wéi am

Ausland; um Beispill Autosassurance kënnt dobei datt d'Probabilitéit en Bankdirektor ze iwerrennen méi grouss ass um Boulevard Royal en der Stadt, wéi an der Avenida de India zu Lissabon.

Dofir ass et awer do méi gemittlech ze wunnen!